



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le **19 JUIL. 2021**

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37. **532.21**

Objet : Question parlementaire n°4540

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n° 4540
du 24 juin 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser au sujet du « Matériel
militaire »**

Zur Fro 1:

Och wann d'Potential vu Robotertechnologien erkannt ass, brauche mer awer ganz kloer an onmëssverständlech international verbindlech ethesch an deontologesch Reegelen, baséierend op dem humanitäre Vëlkerrecht an den internationale Menschenrechtsofkommessen, fir kënschtlech Intelligenz an autonom Waffesystemer am militäresche Beräich anzesetzen. D'Regierung ass strikt géint eng Verselbstännegung vun autonome Waffesystemer, a setzt sech dofir an de relevanten UNO-Gremien an.

Eis prinzipiell Positioun ass dass de Mënsch ëmmer muss d'Kontroll behalen an a leschter Instanz iwwert den Asaz vun alle Waffen, also och vun dese Waffen, entscheeden.

Zu deem Zäitpunkt existéiert nach keen operationellt Konzept bei onse Referenzpartner wéi Robotertechnologien sollen agesat ginn. Wann sech awer e kloeren Wee zeechent dee kompatibel ass mat onsen etheschen an deontologesche Wäerter wäerte mer dese Sujet weider entwéckelen.

Zur Fro 2:

Lëtzebuenger Know-how kann an deem Beräich iwwert europäesch Programmer afléissen déi vun der Europäescher Kommissioun geréiert ginn. D'Lëtzebuenger Défense plangt awer zu deem Zäitpunkt net hier Kompetenzen do verstärkt anzebréngen.

Zur Fro 3:

Ons Arméi huet Dronen an ass am Gaang sech an deem Beräich weider ze entwéckelen. Et ass ze ënnersträichen dass des Drone weder arméiert, nach autonom sinn, mee der renger Observatioun déngen.

De Service de déminage vun der Arméi huet zu deem Zäitpunkt fënnf ferngesteiert Maschinne fir d'Asätz. Des Weideren ass geplangt dese Service mat Mikrodronen auszerëschten. Des Mikrodrone gi gebraucht fir d'Iwwerwaache vun engem Zerstéierungs-Site ze maachen, fir sécherzestellen dass keng Leit sech onerlaabterweis Zougang zu enger gespaarter an evakuierter Zon verschafft hunn.